



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil zu der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°424 vun den Här Deputéierten Marc Goergen a Ben Polidori.

Ad 1)

Der Gemeng Péiteng an dem Syndicat de copropriété vun de Residenzen ass d'Méiglechkeet ginn sech fir eng adequat Berodung un d'Unitéit "Accessibilité" vun der Divisioun "Personnes handicapées" vum Ministère fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil ze riichten oder un d'asbl ADAPTH – Centre de compétence national pour l'accessibilité des bâtiments - , déi vum Familljeministère konventionéiert gëtt an de Professionellen aus dem Bausecteur mat Rot zur Säit sti fir sämtlech Bau- oder Renovatiouns-Projet'en fir d'Accessibilitéit fir jiddereen ze garantéieren.

Ad 2)

D'Accessibilitéitsgesetz (*Loi du 7 janvier 2022 portant sur l'accessibilité à tous des lieux ouverts au public, des voies publiques et des bâtiments d'habitation collectifs*) gesäit vir, dass all ëffentlech Gebailechkeeten, déi vum 1. Juli 2023 un eng Baugenehmegung ugefrot hunn, müsse konform zu den Accessibilitéitsufuerderungen sinn. Bestoend ëffentlech Gebailechkeeten, fir déi virum 1. Juli 2023 eng Baugeneemegung ugefrot ginn ass, hunn 10 Joer Zäit, bis den 1. Januar 2032, fir konform zu den Accessibilitéitsufuerderungen amenagéiert ze gi falls dat och matériellement méiglech ass.

Ad 3)

D'Gesetz vum 7. Januar 2022 an d'Reglementer vum 8 Februar 2023 schafe keng Servitude de passage.

Lëtzebuerg, den 05.04.2024

Den Minister fir Famill, Solidaritéit,
Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn